adr

ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI

**Groupe parlementaire**

Här Fernand Etgen

President vun der Deputéiertechamber

19, um Krautmaart

L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 2. Juni 2022

Här President,

esou wéi d'Chamberreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Justizminister weiderzeleeden.

Zu Lëtzebuerg kënne Verbriechen an der Reegel zéng Joer, nodeems se begaange goufen, net méi strofrechtlech verfollegt ginn. (Bei Verbrieche géint Mannerjäreger fänkt d'Verjärungsfrist réischt un, wann de Betraffene groussjäreg ass.) Am Géigesaz beispillsweis zu Däitschland, wou Mord net verjäert, kënnen zu Lëtzebuerg presuméiert Mäerder also zéng Joer no hirer Dot net méi verurteelt ginn. Just Verbrieche géint d'Mënschlechkeet, Krichsverbriechen, Genozid asw. verjären net.

Onofhängeg dovu plangt d'Regierung ee Gesetz, dat schwéier Sexualstrofdote wéi Vergewaltegung als onverjärbar erkläert. Säit der Ofschafung vun der Doudesstrof ass Mord an eisem Code pénal also reegelrecht "deklasséiert" ginn, wärend schwéier Sexualdelikter an Zukunft op eng Stuf mat Genozid gestallt solle ginn. An engem Avis vum 3. Mäerz 2022 huet och d'Cour supérieure de justice op dës Diskrepanz higewisen.

An deem Kontext hunn ech folgend Froen un d'Madamm Justizminister:

1) Op wéi enge sachlechen Iwwerleeunge berout d'Virstellung vun der Regierung, datt Mord éischter verjäre soll wéi schwéier Sexualdelikter?

2) Den "droit à l'oubli" huet zum Zil, de soziale Fridden ze assuréieren, a geet vum Prinzip aus, datt de gesellschaftlechen Impakt vun engem Verbrieche sech mat der Zäit estompéiert. Hei geet et also drëms, "al Wonnen net opzeräissen". Dëst Argument geet dervun aus, datt no enger gewësser Frist (déi vun der Gravitéit vum Verbriechen ofhänkt) keng Strofnoutwennegkeet méi besteet, eng Bestrofung also weder aus general- nach aus spezialpreventive Grënn ubruecht ass. Kann d'Regierung preziséieren, ob si dervun ausgeet, datt dësen "droit à l'oubli" fir Mord, awer net fir schwéier Sexualdelikter gëlle soll?

3) Den "pardon légal" geet dervun aus, datt ee presuméierten Täter sech mat der Zäit ännere kann an duerch säi Gewësse geläutert gëtt. Dëst Argument huet zum Zil, déi

sozial Integratioun vum presuméierten Täter net ze gefärden bezéiungsweis net réckgängeg ze maachen. Den "pardon légal" baséiert op der Prämiss, datt en Täter aus senge Feeler léiert. Kann d'Regierung och hei preziséieren, ob si dervun ausgeet, datt de "pardon légal" fir Mord, awer net fir schwéier Sexualdelikter gëlle soll?

Mat déiwem Respekt,

Roy Reding,
Deputéierten